

De Stelleväert vum Lëtzebuergesch

Am Kader vun der rezenter Debatt ronderëm d'Petitioun 698, ass vill iwwer de Stelleväert vun der lëtzebuergescher Sprooch debattéiert ginn. Lëtzebuerg huet eng eenzegaarteg sproochlech Situatioun an d'Lëtzebuenger Sprooch ass en Deel vun der Lëtzebuenger Identitéit, wann och net deen eenzegen.

D'Petitioun, déi gefuerdert huet datt d'Lëtzebuenger Sprooch déi éischt national Sprooch virum Däitschen an Franséische soll ginn, hat e grouse Succès. Et ass also en Debat, deen et wichteg ass ze féieren. Oppasse muss een awer op d'Aart a Weis wéi een dësen Debat féiert. Et ass en Debat dee mat vill Emotiounen verbonden ass. Esou ass et wichteg ze probéieren e sachlechen Debat ze féieren, deen net op d'Käschte vun der Qualitéit geet.

D'Lëtzebuenger Sprooch soll Integratiounsfaktor sinn an net dozou féiere Leit um Deelhuelen un eiser Gesellschaft ze hënneren. D'CSJ huet Lëtzebuergesch schonn ëmmer als Integratiouns- a Kommunikatiounssprooch gesinn, war sech op der anerer Säit awer och de positiven Aspekter vun der Méisproochegkeet bewosst. Méisproochegkeet ass e Faktor vu kultureller Diversitéit an een Attraktivitéitsfaktor fir Lëtzebuerg als wirtschaftleche Standuert. Lëtzebuergesch férdere bedeit also net aner Sproochen ofwäerten.

Am Kader vun den Debate si vill Fuerderunge gestalt ginn. D'CSJ ass der Meenung, datt Lëtzebuergesch op eng pragmatesch Aart a Weis gefuerdert gi soll, d.h. haaptsächlech an deene Liewenssituatiounen, wou d'Sprooch weiderhin als Barrière ka gëllen a wou duerch besser Lëtzebuergesch-Kenntnisser Integratioun an e bessert gesellschaftlecht Zesummeliewe gefërdert gëtt.

D'CSJ huet sech am Laf vun de Joren dacks mat der Lëtzebuenger Sprooch beschäftegt. Zil vun dëser Resolutioun ass et dofir der CSJ hir Positiounen zur Lëtzebuenger Sprooch zesammenzefaassen an ze vervollstännegen.

Eis Fuerderungen:

- D'CSJ setzt sech fir e System vum Parrainage linguistique an: D'Iddi ass, dass zwee Leit sech zesammen di fir gemeinsam Sproochen ze léieren. Eng Persoun déi Lëtzebuergesch schwätzt kann enger Persoun hëllef Lëtzebuergesch ze léieren a gläichzäiteg eng aner Sprooch léieren. Dëst géing et der Persoun déi Lëtzebuergesch wëll léieren erméigleche méi Praxis ze kréien. D'Gemenge kéinten hei d'Roll vun der Vermëttlung iwwerhuelen a verschidden Ureizer schafen, fir datt souwuel Lëtzebuenger wéi Net-Lëtzebuenger sech fir dës Méiglechkeet interesséieren an aktiv matmaachen.

- Lëtzebuergesch soll verstärkt an de Schoulen an am Lycée enseignéiert ginn an d'Offer vun extra-scolaire Lëtzebuergeschcourse soll erweidert ginn. Gläichzäiteg solle méi Lëtzebuergesch-Enseignanten ausgebild ginn. Deenen hire Statut soll legal gekläert an hir Aarbechtskonditiounen musse verbessert ginn (z.B. fair Aarbechtskontrakter, uerdentlech Schoulsäll, etc.).
- Lëtzebuergesch soll um kommunale Plang gefërdert ginn. Gemengen sollen hir Internetsäiten och op Lëtzebuergesch accessibel maachen an et sou méiglech maachen eng ganz Rei Demarchen iwwer Internet ze maachen. Grad um lokalen Niveau ka Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch vun auslännesche Matbierger gesi ginn. Gemengen sollen dofir hiren Awunner a Leit, déi den Dag iwwer an der Gemeng schaffen, an der Mëttesstonn oder owes no der regulärer Aarbechtszäit gratis Lëtzebuergeschcoursen ubidden.
- Lëtzebuergesch soll och bei de Lëtzebuerger gefërdert ginn! Sou datt si sech och grammatesch an an der Rechtschreiwung verbessere kënnen. Et sollen och Coursen ugebuede ginn, fir datt dëst ka garantéiert ginn.
- Lëtzebuergesch soll am Gesondheetswiese gefërdert ginn:
 - Infirmiëren, Infirmieren, Fleegepersonal souwéi Dokter a Spideeler an Altersheemer, déi keng Lëtzebuergeschkenntnisser hunn, musse vun hirem Employeur obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen offrëiert kréien, fir sou ze verhënneren, dass Patient an Dokter net di selwecht Sprooch schwätzen. Dës Course sollen an den éischte Joere vun hirer Beschäftegung integrale Bestanddeel vun der 40-Stonne-Woch sinn.
 - Dës Weidere soll fir Spideeler eng Cellule mat Iwwersetzer a verschidde Sproochen zur Verfügung gestallt ginn, fir datt Patiente mat sproochleche Problemer dem Dokter hir Symptomer a Problemer richteg beschreiwe kënnen an domat déi richteg Diagnosen erméiglechen.
- Eis Sprooch soll de Statut vun enger offizieller Amtssprooch vun der Europäescher Unioun kréien. Allerdéngs soll Lëtzebuerg drop verzichten, datt all offiziell Texter op Lëtzebuerg iwwersat musse ginn. Just déi wichtegst Texter wéi europäesch Traitée sollen op Lëtzebuergesch iwwersat ginn.
- Eiser Sprooch soll méi Bedeitung am ëffentleche Raum zoukommen, ouni dobäi allerdéngs eis Méisproochegkeet ze vergiessen oder de Leit d'Liewen onnéideg schwéier ze maachen. Esou kéint een z.Bsp. Stroosseschëlter, Bushaltestellen asw. op Lëtzebuergesch ugewise ginn.
- D'Missioun vum Lëtzebuerger Online Dictionnaire soll iwwert d'Schafe vun engem Dictionnaire erausgoen. Doduerch misst et an éischer Linn allen Administratiounen vum Staat erméiglecht ginn, op d'Kompetenz vum LOD kënnen zeréckzegräifen, fir Websäiten a soss Dokumenter och op Lëtzebuergesch unzebidden.

- Den nei zesummegeesaten CPLL soll prioritär d’Baustellen an der Definitioun vun der offizieller Schreifweis opschaffen, an doduerch de Siten wéi „lod.lu“ , „schreiw.lu“ oder „spellchecker.lu“ et erméiglechen, an Zesummenaarbecht, hire Benotzer eng kohärent Orthographie ze presentéieren.
- Nei, méi interaktiv Approchen entwéckelen, fir d’Sprooch ze léieren: duerch Sport, Kultur, kulinaresch Veranstaltungen oder Benevolatsaktiounen. D’Veräiner, d’Associatiounen an d’Kulturzeen op hir Méiglechkeeten en la matière sensibiliséieren an deementspreechend ënnerstëtzen.

Ugeholl um CSJ-Nationalkongress 2017 zu Beetebuerg